N°2919
Entrée le 23.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

D'Qualitéit vun eiser Ëmwelt huet sech an de leschte Joerzéngte verschlechtert. Der leschter Editioun vum "Le Luxembourg en chiffres 2025" vum STATEC no, si just nach 15% vun eise Beem an engem gesonden Zoustand. Op ville Plaze sinn eis Gewässer an eis Biedem mat ville Produkter belaascht, déi aus de wirtschaftlechen a sozialen Aktivitéite vum Mënsch entstinn, wéi zum Beispill Mikroplastik, PFAS, Pestiziden, Ammoniak a Villes méi.

Lëtzebuerg steet do natierlech net eleng: et ass eng global Erausfuerderung, eise System nohalteg ëmzestellen, sou dass och eis Kanner an engem gesonden Ëmfeld kënnen opwuessen. Um europäeschen Niveau versicht een duerch eng Unzuel u Reegelen, dorënner d'EU-Waasserschutzdirektiv, fir Verbesserungen ze suergen. Ee groussen Hiewel fir eis Ëmwelt ze verbesseren ass d'Präventioun vun der Verknaschtung vun eise Biedem a Gewässer. Mee och den Traitement vun eisem Ofwaasser spillt eng Schlësselroll, mam Ausbau an der Verbesserung vun eise Kläranlagen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Kläranlagen hei am Land, souwéi an der noer Grenzregioun rengegen d'Ofwässer, déi aus industriellen Aktivitéite kommen?

2. Wéi héich ass d'Belaaschtung vun eise Biedem an Gewässer duerch Mikroplastik, PFAS (Phosphonsäiren) a Glyphosat?
   Kann de Minister des Wäerter opschlësselen
   - fir déi verschidde Fléissgewässer zu Lëtzebuerg?
   - fir d'Joren 2015, 2020 an 2025?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Glyphosat bilt sech ëmmer méi wéinst den anticalcaire Puddere fir Spull- a Wäschmaschinnen. (Source: https://www.chemie.de/news/1186259/glyphosat-kann-aus-waschmittelzusaetzen-entstehen.html)

   Gëtt des Observatioun och zu Lëtzebuerg gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten